Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir déi gutt Diskussioun, déi mer elo hei haten. Ech freeë mech, dass all Parteien, vun der Majoritéit an och vun der Oppositioun, deen heite Projet wäerte kënnen droen.

Fir d'Éischt e grousse Merci un den Eugène Berger fir säi schréftlechen a méndleche Rapport op enger Matière, déi heiansdo komplizéiert och ass, mä, wéi all Mënsch richteg ënnerstrach huet, awer och eng Matière ass, déi extrem wichteg ass.

Transparenz an den Donnéeën, Transparenz, wat d'Taxatioun ubelaangt, Transparenz, wien d'Operatioune mécht, „know your customer"- Transparenz géint de Blanchiment an de Finanzement vum Terrorismus ginn haut ganz groussgeschriwwen a sinn haut vill méi wichteg wéi jee virdrun. Et ass och eng grouss Evolutioun an deem Domän, déi ganz séier geet, wat och erkläert, dass d'Texter ganz séier evoluéieren.

Dës Regierung huet sech d'Transparenz, géif ech soen, als eng vun de Prioritéite ginn. An dat maache mer mat deem heite Projet natierlech och.

Wéi vum Deputéierte Mosar richteg ënnerstrach ginn ass: Fir all déi Gesetzgebungen ëmzesetzen, muss net nëmmen d'Gesetz gestëmmt ginn. Herno muss dat gemonitort ginn, operationell ëmgesat ginn an natierlech kontrolléiert a poursuivéiert ginn.

Dofir, op eng generell Aart a Weis hunn ech mech agesat an deene leschte Joren, fir dass de Finanzministère gestäerkt gëtt. En huet haut méi Leit, mä nach ëmmer net genuch Leit, well wärend 15 bis 20 Joer am Finanzministère keng Leit agestallt gi sinn.

An der Steierverwaltung hu mer déi dräi lescht Joren all Kéiers 25 Leit agestallt an dëst Joer stelle mer der 100 an!

An der CSSF - ech hunn elo net déi allerlescht Zifferen - hate mer, wéi ech ugefaangen hunn Enn 2013, wahrscheinlech ronn 400 Leit, vläicht liicht driwwer. Mir hunn der haut bal 800. Dat heescht, d'Personal vun der CSSF ass verduebelt ginn.

Dir gesitt also, dass dat, wat Der richtegerweis sot, dass ee sech muss déi richteg Moyene ginn, dass dat hei gemaach gëtt. A mir wäerten och nach esou weiderfueren. Ech mengen, dass mer do also op enger Linn sinn.

Ech hat nach haut eng Reunioun mam Minister Braz, fir eis eng Feuille de route ze ginn, wéi mer op 2020 histeieren, wat de GAFI ubelaangt, well mer do analyséiert ginn an deem Joer. An ech kann lech soen: Mir setzen och do déi néideg Ressourcë vu Leit drop, fir dass mer do prett sinn.

Dir hutt och richtegerweis ënnerstrach, dass dat net nëmmen d'Kompetenz ass vum Finanzminister. Do sinn och de Justizminister an och de Policeminister an d'Autorité-judiciairen implizéiert.

Wat elo dëse Projet ubelaangt: En ass de 24. Abrëll an dëser Chamber deposéiert ginn. Mir sinn elo Februar 2018. Dat ass net dat Allerrapiidst. Mir haten op d'Urgenz higewisen. Ech si frou, dass mer dat awer haut kënne maachen.

Ech wëll awer och ënnersträichen, dass mer scho verschidden Deeler vun der Direktiv AMLD IV ëmgesat hunn. Fir d'Éischt emol hu mer an deem Gesetz, wou mer d'Réforme fiscale gestëmmt hunn am Dezember 2016, scho verschidden Aspekter vun dëser Gesetzgebung ëmgesat. Mir hunn och an engem Gesetz vun 2014 d'Initiativ geholl, wat d'Actions au porteur ubelaangt. An et ass esou, dass an deem heiten Domän en fait d'Aarbecht ni richteg fäerdeg ass. Et ass „work in process".

Mir wëssen elo, dass mer eng Direktiv AMLD V hunn, déi um Wee ass, déi am Europaparlament am Dezember 2017 ugeholl ginn ass, déi nach net definitiv duerch d'Prozedur vun de Juriste-linguistë gaangen ass, mä déi awer och gläich Realitéit gëtt an déi verschidde Saachen, déi mer elo haut stëmmen, wahrscheinlech erëm a Fro stellt oder op d'mannst exigéiere wäert, dass mer do nobesseren. A mir wäerten dat dann och maachen.

Zum Contenu vun dëser Transpositioun wéilt ech haaptsächlech ënnersträichen, dass mer d'Pouvoire vun den Organes de contrôle a vun den Organismes d'autorégulation net changéieren - déi bleiwen d'selwecht -, mä dass verschiddener vun hire Kompetenze méi staark ginn, dass ënner anerem d'Amende-administrativen an d'Luucht ginn, a fir déi, déi kënnen Amende-pénallen ausschwätzen, dass déi och an d'Luucht ginn, dass d'Couverture méi breet gëtt, dass ënner anerem d'Huissieren elo ënnert dës Reglementatioun falen an och déi, déi en libre prestation de services aktiv sinn an eisem Land, dorënner falen.

Mir hu profitéiert vun dëser Gesetzgebung, Transpositioun, fir dann och eng Harmonisatioun vu verschiddene Mesuren ze maachen an haaptsächlech all d'Organer méi effikass ze maachen. Ech mengen, dass mer hei eng gutt Transpositioun maachen, fir eis kredibel dobaussen ze presentéieren a fir och sécherzestellen, dass eis Reputatioun ëmmer besser gëtt.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Finanzminister.

A mir géifen dann zu der Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7128 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7128 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59-mol Jo, dat ass Unanimitéit vun deenen, déi um Vott deelgeholl hunn. Keng Géigestëmmen, keng Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles (par M. Max Hahn), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzehuelen?

(Assentiment)

Merci villmools. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7166 iwwert d'Ëmsetzung vun enger Direktiv iwwert d'steierlech TVA-Behandlung vu Bongen - Akafsbongen, géif ech mengen. Mä den Här Bauler, de Rapporteur, seet eis elo genee, wat fir eng Bongen dass dat sinn.

15. 7166 - Projet de loi

1° portant transposition de la directive (UE) 2016/1065 du Conseil du 27 juin 2016 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne le traitement des bons;

2° modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. André Bauler *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir läit ganz richteg. Hei geet et ëm Akafsbongen. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass d'Zil vum Gesetzesprojet 7166, fir déi europäesch Direktiv zur TVA-Besteierung vun den Akafsbongen an der nationaler Legislatioun ze verankeren. Mat dëser Direktiv sollen déi eenzel Besteierungsregimmer an den EU-Memberstaten harmoniséiert ginn. Dës schreiwe sech an eng Rei vu verschiddenen Entwécklungen an deem Beräich an.

Am Kader vun enger allgemenger Entwécklung vun de kommerzielle Praktike ginn dës Bongen ëmmer méi doruechter benotzt, an zwar net nëmmen an hirer klassescher, physescher Form an de Butteker, mä och ëmmer méi ënner elektronescher Form a Geschäfter, a Restauranten, beim Onlineshopping, fir Tëlefonskreditter an esou virun an esou weider.

Donieft huet mat der Zäit awer och de Gebrauch vu Bongen iwwert déi national Grenzen eraus ëmmer méi staark zougeholl. Déi eenzel Staten hunn als Reaktioun op dës Entwécklung ënnerschiddlech Besteierungsregimmer entwéckelt, allerdéngs mat dem Resultat, dass et op europäeschem Niveau nëmme wéineg Kohärenz gëtt. Esou kann et effektiv zum Beispill zu Situatioune kommen, wou een duebel besteiert gëtt, wärend een an anere Fäll iwwerhaapt net besteiert gëtt.

Här President, de Problem vun der Besteierung vun de Bongen ass nääamlech deen, dass een, fir dee richtegen Taux auszerechnen, wësse muss, wat engersäits d'Base d'imposition ass an anerersäits de Moment de perception. Vu dass d'Bonge jo net en Zweck u sech duerstellen, mä ëmmer als Tauschmëttel fir gewëssen Déngschtleeschtungen oder Wuere gëllen, hänkt d'Besteierung souwuel vum Produkt respektiv dem Service, fir deen de Bong steet, of, wéi och vun der Zort vu Bong selwer.

Nieft enger Definitioun vun deem, wat iwwerhaapt e Bong ass, leet de Gesetzesprojet doweinst fest, wéi dës zwou genannte Komponente berechent ginn. Dofir gëtt am Text den Ënnerscheed gemaach tëschent zwou Zorte vu Bongen: eemol de Bon à usage unique an eemol de Bon à usages multiples.

Beim éischten, dem Bon à usage unique, ass zum Zäitpunkt vun der Emissioun ganz genee gewosst, firwat e steet: e Bien oder Service X, deen op enger Plaz Y fir eng Valeur Z ageléist ka ginn. Dofir ass also vun Ufank u kloer, wat fir een TVA-Taux applizéiert gëtt. De Bong gëtt ugesinn als dat, fir dat e steet. D'TVA gëtt dee Moment, wou de Bong gedréckt oder emettéiert gëtt, applizéiert. Dat heescht, souguer wann en net ageléist géif ginn: De Stat kritt awer seng Suen, seng Steieren.

Beim Bon à usages multiples par contre weess een net, firwat genee de Bong steet. Als Beispill kann ee sech virstellen, eng Chaîne géif e Bong fir 100 Euro ausstellen. Mat deem Bong kann een da kafen, wat ee wëllt an och wou ee wëllt, wann déi Chaîne verschidde Geschäfter, verschidde Butteker huet, deemno wéi souguer och a verschiddene Länner. D'TVA gëtt doweinst eréischt dee Moment, wou de Bong ageléist gëtt, bezuelt. An anere Wierder: De Bong gëtt net als déi Déngschtleeschtung oder déi Wuer, fir déi e steet, consideréiert, wéi dat de Fall ass beim Bon à usage unique, mä e gëtt am Fong als eng Zort Sue gekuckt.

Här President, ech si frou, datt den Här Laurent Mosar mer e Lächeln hei schenkt. Hie gesäit, datt ech pädagogesch Efforte maachen.

(Hilarité)

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Et ass net einfach, Här Bauler!

M. André Bauler *(DP), rapporteur.*- Heiansdo sinn déi einfachst Saache komplizéiert. Et kann een nach präziséieren, dass hei zu Lëtzebuerg mat Ofstand de Bon à usages multiples am meeschte benotzt gëtt, an domat deen Aspekt vum Gesetz am relevanteste fir eist Land ass.

D'Direktiv 2016/1065 brauch eréischt fir den 1. Januar 2019 ëmgesat ze sinn. Well awer d'Assujettien, déi betraff sinn, hir informatesch Systemer mussen upassen, gëtt awer recommandéiert, dës Transpositioun, dës Ëmsetzung an eist nationaalt Recht esou séier wéi méiglech duerchzezéien.

Doriwwer eraus ass och proposéiert ginn, fir d'Dispositioune vum modifizéierte Gesetz vum 12. Februar 1979 iwwert d'Taxe sur la valeur ajoutée den Dispositioune vun dëser Direktiv à la lettre, also strictement, unzepassen. Dëst, fir eben eng juristesch Sécherheet souwuel fir déi national Steierflichteg wéi och fir déi aus aneren EU-Staten ze garantéieren.

Fir aner Detailer verweisen ech op mäi schréftleche Bericht, ech wëll awer nach drop hiweisen, datt de Statsrot a sengem Avis vum 15. Dezember 2017 keng Observatioun inhaltlecher Natur formuléiert hat.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet a ginn an engems den Accord vun der DP-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dann huet d'Wuert, wéi gewinnt, den Här Mosar.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Merci dem Här Rapporteur, wéi ëmmer, fir säi ganz pädagogesche schréftlechen a ganz besonnesch méndleche Rapport. An en huet eppes fäerdegbruecht: Ech mengen, hien ass ewell dee gréisste Spezialist, fir déi verschidden Zorte vu Bongen auserneenzehalen. Also ech muss soen, ech hu vill bäigeléiert an der Kommissioun, well ech weess elo entre-temps, wat fir eng Zorte vu Bongen datt et gëtt. Eleng doweinst gebüürt him grousse Respekt.

Mir sinn natierlech mat sengen Explikatioune ganz d'accord. An duerfir wäerte mir och mat Begeeschterung dee Projet stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Franz Fayot *(LSAP).*- Jo, Här President, och ech géif dem Rapporteur gär Merci soe fir säi gudde Rapport a ginn d'Zoustëmmung vun der LSAP zu dësem Projet de loi.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Den Här Kox huet d'Wuert.

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Jo, Merci. Ech schléisse mech menge Virriedner un, Merci dem Rapporteur, a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Ech ginn dervun aus, dass déi aner Kolleegen och dermat d'accord sinn, a ginn och dervun aus, dass de Finanzminister eis elo och net vill Revolutionäres iwwert d'Bonge wäert soen.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Neen, deen heite Projet, Här President…

(Brouhaha)

Här President, deen heite Projet wäert d'Welt net changéieren, mä haaptsächlech, an dat ass vläicht wichteg ze ënnersträichen, e changéiert fir d'Lëtzebuerger Commerçantë relativ wéineg, well mer zu Lëtzebuerg haaptsächlech Bons multiples hunn. An do bleift de System deeselwechten, wéi e war. Et ass nëmme fir d'Bons à usage unique, wou elo mat där heiter Direktiv eng Ënnerung ass. Ech freeë mech iwwert déi grouss Ënnerstëtzung fir d'Bongen. C'est de bon augure.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- A mir freeën eis mat lech.

Mir géifen dann zum Vott iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7166 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

55-mol Jo. Keng Abstentiounen a keng Géigestëmmen. Domat ass de Projet 7166 mat der Unanimitéit vun deene Kolleegen, déi um Vott deelgeholl hunn, ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles (par M. André Bauler), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);

MM. Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding) et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Et bleift mer just nach ze froe fir d'Dispens.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Kommt gutt heem! Bis muer de Mëtten um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 19.11 heures)